adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, d'Madamm Finanzminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'europäesch Hëllef fir d'Ukrain ass net nëmme militäresch mee och finanziell. Heiriwwer wéilt ech d'Regierung em Prezisioune bieden:

1. Wéi vill Milliarden u finanzieller Hëllef si bis ewell vun der EU un d'Ukrain zougeséchert ginn, wéi vill sinn der scho gefloss?
2. Wat ass de Verwendungszweck vun dëse Suen? Ginn domat militäresch an technologesch Gidder kaf, fëlle si d'ukrainesch Staatskeess mat Liquiditéite fir lafend Ausgaben ze bezuelen oder gi si nach fir aner Zwecker agesat?
3. Wéi grouss war bis elo déi lëtzebuergesch Hëllef, fir respektiv zivil a militäresch Zwecker?
4. Iwwer wéi e Wee ginn déi europäesch, respektiv lëtzebuergesch Transaktiounen ofgewéckelt an zu wéi engem Deel ass d'Europäesch Investitiounsbank domat beoptraagt?
5. Entsprécht et de Missioune vun der EIB direkt oder indirekt e Krich ze finanzéieren oder ass si net éischter statutaresch drop festgeluecht, grouss a nohalteg Infrastrukturprojekter an EU-Länner ze begleeden? Op hirer eegener Websäit beschreift d'Bank hir Missioun esou: „The mission of the European Investment Bank is to foster sustainable growth within the EU and abroad. We are firmly committed to sustainable development, which is anchored in our strategy and remains the foundation of our business model."

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten